N° 7113
Entrée le 13.12.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7113 vun den honorabelen Deputéierte Sven Clement a Marc Goergen**

**Ad 1)**

Bis Mëtt November goufen 2.252 Chèques-livres ageléist, dat an engem Wäert vun insgesamt 51.274,65 €. D'Valeur vun engem Chèque-livres läit pro Akaf an der Moyenne bei 37,44 €.

**Ad 2)**

Am Total si bis Mëtt November 236.155 Bicher an engem Gesamtwäert vu 6.572.035 € iwwert de Gratuitéitsprogramm fir d'Vente vun den obligatoresche Schoulbicher finanzéiert ginn.

**Ad 3)**

Am Kader vun der Rentrée 2012-2022 goufen 1.148 Bicher an engem Gesamtwäert vun 37.974,50 € net bei de Librairen ofgeholl. Eng vergläichbar Zuel fir d'Rentrée 2022-2023 läit nach net vir.

**Ad 4)**

Dës Donnéeë sinn net erhuewe ginn.

**Ad 5)**

D'Margen am Schoulbuchgeschäft leie mat engem duerchschnëttleche Rabatt vun 20-25 % fir d'Librairen däitlech ënnert de soss übleche Remisen. Doriwwer eraus ass d'Remissiounsquot minimal (d'Remissiounsquot ass de Pourcentage vun de bestallte Bicher, déi de Libraire un d'Verlagshaiser an/oder un den Distributeur kann zeréckschécken). D'Librairë kënnen dem Ministère dowéinst keng Remisen op de Schoulbicher araumen.

Lëtzebuerg, den 13. Dezember 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH